Konferenz mam

André BAULER

zu Ëlwen an der Bibliothéik Tony Bourg

Den 30järige Krich

eng Tragedie fir Europa a fir Lëtzebuerg

Viru 400 Joer ass den 30järige Krich an Europa ausgebrach. Lëtzebuerg ass tëscht 1635 a 1659 tëscht d'Fronte geroden a seng Awunner hu souwuel ënnert de franséische wéi ënnert de spueneschen Truppe misse leiden.

D'Bevëlkerung ass staark zréckgaangen. Krankheet, Honger a Folter stoungen op der Dagesuerdnung. Souguer e Klimawandel mat haarde Wanteren an naasse Summeren, déi schlecht Rekolten abruecht hunn, huet de Leit béis zougesat: eng schrecklech Zäit fir eis Virfaren.

Änlech Erfarunge maachen haut Leit an anere Länner, denke mer nëmmen u Syrien oder un de Jemen, déi d'Affer an de Spillball vun Hegemonialkricher sinn.

Fräien Entrée **den 28. Januar 2020 um 19:30 Auer**

Bibliothéik Tony Bourg
16-18, rue de Binsfeld
L-9912 Troisvierges
www.dck.lu

De Cliärrwer Kanton

Bibliothèque Tony Bourg